Ligue "Ons Jongen"
Comité Central
L U X E M B O U R G.

Letzeburg, den 23. Aug. 46

*parti le 24.8.*

Un d'Ligue "Ons Jongen"

Sektio'n--------------------------

Heimat gi mir näher Uweisongen fir d'Journée "Ons Jongen" den 31. August 1946.

1)

2) Un eren Zug gin aller-retour Wén ugehângen.

3) Gleich no Erer Arrivée nomëttes op der Gare zu Letzeburg gitt dir mat erer Sektio'n an/op

---------------------------------------------------------------

---------------------------------------------------------------

Wann Er Sektio'n murges schon an der Stâdt ass, huelen d'Member individuell un der Mess an der Kranzniederle'ong dél; nomëttes um 14.15 Auer huelen de' Sektio'nen dann op déer genannter Plâtz Opstellong.

4) Den Défilé kent aus dem Kasärenhaff iwert d'Passerelle, d'âl Avenue erôf an d'nei Avenue erop. D'Reihenfolleg ass: D'Metzergarniso'nsmusék-- d'Sektio'nen aus dem Süden-- d'Malgré-Nous. -- d'Sektio'nen aus dem Westen an vun der Muse- Strhleck. - d'Batterie.- d'Sektio'nen aus dem E'sléck.- Maquisards,--d'Sektio'nen aus dem Zentrum.

5) Marschweis: Zu 4 a 4. Dén, dén de Fuendel dre't, marsche'ert an der Mëtt 15 Meter hannert der Grupp, de' virdru gét. Op 9m. Distanz kënnt dann hannert hirem Fuendel de' betr. Sektio'n. Datt am Schrëtt marsche'ert gët, ass selbstverständlech. Et soll zwar ké Paradeschrëtt sin, ower et soll dach Haltung an dât Ganzt erakommen. Bei guddem Wieder, d.h. wann et net rént, marsche'ere mir o'ni Kappbedeckung. Am Défilé gët 10m. vrun der offizieller Tribün bei der Arbed "tête droite" vu jéweilégen Chef de peloton kommande'ert an dobei gin d'Arm normal durchgeschwenkt.

6) <u>Fuendel</u>: Um Fuendel soll en Trauerflo'er sin( Journée de Deuil)
Um Marsch get de Fuendel net op preisesch Mane'er gedroen, sondern wo' d'Letzeburger d'Fiendel emmer gedroen hun, d'Stang no vir an engem Wénkel vu 45 Grad.

7) Den Défilé get op der Plesdarm opgelo'st. D'Fiendel gin vis-à-vis vum Cercle zu bo'd Seit opgestallt, eso' bâl se dô ukom sin. Well de Festsall vum Cercle ze kleng ass, können d'Presidenten an d'Sekretairen vun dénen énzelnen Sektio'nen nëmmen am Cercle un der Assemblée délhuelen. Mir appello'eren desen Dâg un eng gudd Discipline an erwârden, dass all ons Jongen do' um Défilé délhuelen, séch do' durch Hautparleuren op der Plesdarm iwerdroen Ried unhe'eren. Alles bleiwt geschlossen, discipline'ert bis zum Schluss vun der Assemblée op der Plesdarm.

8) Fir di schwe'er mutile'ert Jongen stin um 14.30 Auer Autobussen virun der Gare( Hâptentrée)

9) Desen Circulaire ass den 31. August onbedéngt matzebréngen.

10) Mir weisen nach eng Ke'er drop hin, wo'wichtég des Manifestatio'n ass. Ons Devise vum 17. August 1946 ( Serrons les rangs) wölle mir den 31. August dem ganze Land beweisen, a geschlossen virun onser Grande-Duchesse opmarsche'eren. D'Enégkét vun Ons Jongen soll dem Land e Beispill sin, well vun deser Enégkét hängt d'Zo'konft vun eiser Hémécht d.h. ons Zo'konft of.

Fir den Organisatio'scomité

L. Schroeder

ONS JONGEN

LIGUE DES RÉFRACTAIRES ET DÉPORTÉS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS

LUXEMBOURG/Avenue de la Porte Neuve, 9

# ons JONGEN an NO'T!

Si sin tâtsächlech an No't «Ons Jongen», — me' we' jé virdrun! Grâd elo, wo' iwert hirt Lo's débatte'ert get, a wo' hir Stëmm hârt a fest duerch d'Land schâle soll, lâfe se Gefôr, hiren énzege Porte-parole am öffentleche Liewen ze verle'eren, hir Zeidong.

Drei Joer lâng huet se de Souvenir vun dénen emmer erem lieweg gehâlen, de' weit uechter d'Welt versprét, den Do't fond hun. Drei Joer lâng huet se d'E'er he'chgehal vun dénen, de' o'ni Recht hir Schmot eleng an d'Hémecht bruecht hun. Drei Joer lâng huet s'emmer erem un d'Gewësse vum Land appelle'ert, wann et drëm go'ng, de' Komeroden, de' nach drop laueren, hémzehuelen. Drei Joer lâng huet s'emmer erem op de Misère vun dénen higewisen, de' moralesch a kierperlech krank an hir Dierfer ko'men.

Mir verstin, dass é midd get, drei Joer lâng de'selwecht Kloen ze he'eren, besonnesch an enger Zeit, wo' d'Liewe mächteg weiderdreiwt an emmer erem nei Zweifien, an anere Misère mat sech dre't.

Ower mir hoffe fest, dass «Ons Jongen» hir Stëmm an der Oeffentlechkét net verle'eren — well an all Stiedchen, an all Dierfchen op mannst e Grapp Hierzer schlon, de' drop hâlen, dass de Souvenir vun eise Gefâlenen, d'E'er vun dénen, de' iwreg blo'wen, an d'helleg Rechter vun dénen, de' hir Glidder verluer hun, net ennert dem Trëtt vun enger egoïstescher Nokrichszeit zerdreckt gin.

Mir appele'eren dofir un de' Hierzer, de' hierem Gewëssen, hierer E'er an hierer Mënschlechkét et schëlleg sin, derfir ze suergen, datt d'Stëmm vun de Jongen, vun hire Jongen, net am Wand verfle't a vergét, we' e wielecht Blât am Hierscht. Mir hun oft am Krich mat engem bluddege Grapp no enger drechener Kuescht gebiedelt, mir hun oft mat enger raschteger Konservebéx no Wâsser gegruewen — mir gesin et guer net als One'er un, haut virun d'Leidd aus eise Stied an Diefer ze trieden an em hir Hëllef ze biedelen. Mir fënken haut eng Souscriptio'nslëscht un, an der Hoffnong, op de' Mane'er e stabile Fong fir ons Zeidong ze schâfen, de' op ké Fall aus onsem öffentleche Liewe verschwannen därf — well se helleg Rechter ze vertrieden an helleg Pflichten ze erföllen huet!

d'Redaktio'n.

**Och Ere Numm soll op deser Souscriptio'nslescht erschengen! Duerfir verse'ert nach haut op de Postscheck von „ONS JONGEN"**

**No. 162-59 Fonds Journal „Ons Jongen"**

Dreckerei Jos. Beffort, Luxembourg

# Certificat.

Il est certifié par les présentes que le groupement "Ons Jongen"forme une association sans but lucratif et qu'elle a l'appui du Gouvernement.

Luxembourg,le 15.11.1944.

Le Ministre de la Justice:

Victor Bodson.

Pour copie conforme.

„Ons Jongen"
Ligue
Letzeburg

Le Président